ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. November 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister, den Här Wirtschaftsminister an den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Am Kader vum Confinement hu vill Betriber staatlech Hëllefe versprach kritt. Ëmmer nees héiert een, datt et beim Ausbezuele vun dëse Sue Schwieregkeete gëtt, och wann de Betrib all Euro bluttnéideg kéint brauchen. Duerfir hätt ech dës Froen un déi zoustänneg Ministeren:

1. Wéi eng Reegelen a Prozeduren huet de Staat am Fall, wou e Betrib Hëllefen aus dem „Fonds de relance économique" zegutt huet, awer nach géintiwwer aneren Administratiounen (z.B. Fonds de l'Emploi, Steierverwaltung ...) Scholden huet?
2. Ass et virkomm, datt zougesoten Hëllefen zeréckbehale goufen, bis déi Ausstänn gereegelt waren?
3. Ass et net méiglech, Betriber an dësem Fall en Delai ze gi fir hir Scholden ze begläichen an déi benéidegt Finanzsprëtz direkt auszebezuelen, ier et fir de Betrib ze spéit ass?
4. Tauschen d'Staatsverwaltungen Informatiounen iwwer d'Finanzsituatioun vun engem Betrib ënnereneen aus, och wa keen direkten Zesummenhang besteet, z.B. bei enger neier ekonomescher Hëllef duerch de „Fonds de relance économique" an enger Schold beim „Fonds pour l'Emploi"? Wat ass dofir d'rechtlech Grondlag a wéi ass dat an Accord mam Dateschutz?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten